Experiment 4: Geheimschrëft aus Mëllech

Geheimtënt, onsiichtbar Tënt, Zaubertënt oder Geheimschrëft. Et gi vill Wierder fir eng Tënt, déi een net gesi kann an déi nëmmen duerch zousätzlech Moossname siichtbar gëtt.

Et gi vill verschidden Aarte fir Zaubertënt ze maachen, eng dervun ass mat Mëllech.

Du brauchs:

Mëllech, ee Pinsel oder eng eidel gebotzte Füllfieder, ee Becher, Pabeier, eng Käerz

Dat muss du maachen:

Schëtt e bësse Mëllech an e Becher. Zapp de Pinsel an d'Mëllech a schreif oder mol deng Geheimbotschaft op d'Blat Pabeier. Looss d'Blat dréchnen.

Fir d'Schrëft ze liesen, kanns du entweder mat enger Käerz d'Blat erwiermen (OPPASSEN, dass d'Blat kee Feier fänkt!) oder Graphitgrimmelen vun engem gespëtztem Bläistëft op d'Blat schëdden an iwwert d'Blat verreiwen.